N°1414
Entrée le 21.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, vum Inneminister, Léon Gloden a vum Aarbechtsminister, Georges Mischo op d'parlamentaresch Fro n°1414 vum 23. Oktober 2024 vun den éierewäerten Deputéierten Tom Weidig a Fred Keup**

Am Kader vun de Kommodo Geneemegunge vum Aarbechtsminister gi betraffen Etablissementer verpflicht eng Brandmeldeanlag ze installéieren, déi och periodesch kontrolléiert muss ginn.

Bei dëse Kontrolle mussen d'Integralitéit vun de Sireene getest ginn.

An dësem konkrete Fall, ass, wei d'Police eis et erkläert huet, um Alarm geschafft ginn. D'Sécherheetsbeamten hunn der Police matgedeelt, dass d'Sireen nach bis ongeféier 01h00-02h00 géif daueren.

D'Beamte konnten op der Plaz net feststellen, dass d'Gepiips esou perturbéierend gewiescht wier, dass et d'Noperschaft vum Schlofen ofgehalen hätt. Beim Centre d'intervention national gouf just eemol an dësem Kontext reklaméiert, wat drop schléisse gelooss huet, dass et sech hei ëm een isoléierte subjektive Fait gehandelt dierft hunn.

Eng prealabel Informatioun un d'Autoritéiten an déi direkt Nopere kann hëllefen, esou Situatiounen, wéi an der parlamentarescher Fro beschriwwen, beschtméiglechst virzegräifen.

Lëtzebuerg, den 20. November 2024
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth